n° 3641

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

Den Educatiounsministère huet a sengem Plang fir d'Schouljoer 2020-2021 festgehalen, dass d'Stousslëften an alle Schoulen am Land muss gemaach ginn, fir d'Verbreedung vum Virus anzedämmen. Deemools sot de Minister

> *qu'aussi longtemps que les conditions météorologiques le permettront, les fenêtres et les portes devront être ouvertes de manière permanente*.

Et ginn awer Schoulen, wou d'Léierpersonal aus verschiddene Grënn, d'Fënsteren net grouss opmaache kann, entweder wëll d'Fënsteren nëmme kënne gekippt ginn oder wëll d'Personal d'Schlësselen enthale gi fir se opzemaachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Solle déi Klassesäll, an deenen d'Léierpersonal net stouss lëfte kann, weiderhi benotzt ginn?

2. Wat fir Alternative sinn do fir déi Klassesäll, an deenen net ka gelëft ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3641 vum honorabelen Här Deputéierte Marc Goergen

Ad 1) + 2)

Ech erlabe mir, meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 2938 ze widderhuelen: "Soulang déi meteorologesch Conditiounen et erlaben, kënnen d'Fënsteren (...) "op Kipp" gestallt ginn, a parallel dozou kann d'Dier vum Klassesall opgelooss ginn, fir datt en Effekt vun "Queeschlëften" entsteet. An der kaler Joreszäit ass dëst awer net unzeroden; d'Personal kann dann d'Schlëssele vun de Fënstere kréien, fir eng Stousslëftung ze maachen."

Ech bieden den honorabelen Deputéierten, mir déi Fäll ze nennen, an deenen d'Léierpersonal dës Schlësselen net kritt, sou datt meng Servicer deene Fäll kënnen nogoen.

D'Miessgeräter, déi den CO2-Gehalt an der Loft uginn, hunn sech no eisen aktuellen Erkenntnisser als nëtzlech Instrumenter erwisen, fir d'Lëftung vun de Klassesäll ze steieren.